ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Staat missachtet seine eigenen Regeln*" gëtt iwwer déi vun der Regierung ënnerstëtzten Initiativ "Holz vun hei" bericht, déi eng Kennzeechnung fir heemesch geschloen a verschafften Holzprodukter virgesäit. Wéi et am Artikel awer weider heescht, verzicht dëse Label op international etabléiert Kontrollstandards fir regional zertifiéiert Holz. Notamment entzéien och 26 Gemengen, dovunner vill aus de Regioune vum Naturpark Mëllerdall, sech aneren, etabléierten Zertifikater. Wéi et vun der Säit vun den entspriechende Verbänn heescht, géif d'Regierung duerch hir Ënnerstëtzung vun "Holz vun hei" ëffentlech e falsch Billt erzeegen an déi etabléiert Verbänn, déi sech u méi streng Normen halen, bloussstellen, well si op Reegele verzicht, zu deenen si privat Acteure verpflicht. Des Weideren ass am Artikel ze liesen, datt eis national Holzindustrie säit Joren ënner deloyale Konkurrenzpraktiken aus China leit, ouni, datt vu Säite vun der Regierung dorop reagéiert gi wier.

Des Weidere verweist den Artikel dann och nach drop, datt et zu Lëtzebuerg generell un enger Betribsketten fir d'Veraarbechtung fir dat regional geschloent Holz feelt. Wéi et awer och an engem Interview mam Generalsekretär vun der Handwierkerfederatioun, deen den 12. Juli ënnert dem Titel "*Même droits et mêmes obligations pour tous*" am Quotidien publizéiert gouf, heescht, ass kaum domat ze rechnen, datt sech zu Lëtzebuerg an den nächste Joren eng international kompetitiv Holzveraarbechtungsindustrie kann etabléieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi begrënnt d'Regierung déi Decisioun, fir privat Acteuren zu bestëmmte Reegelen ze verpflichten, déi duerno vu Säite vu staatlechen Institutioune mëssuecht ginn?
2) Säit wéini huet d'Regierung Kenntnis vun där am Artikel vum Lëtzebuerger Wort beschriwwener Zersetzunge vun eiser Holzindustrie? Wéi huet si aus hirer Siicht op nationalem an op EU-Niveau op dës méiglecherweis staatlech gefërdert, deloyal Konkurrenzpraktike vu Säite vun der Volleksrepublik China reagéiert?
3) Envisagéiert d'Regierung spezifesch Moossnamen, fir nees e potenziellen Opbau vun enger heemescher Veraarbechtungsindustrie ze erméiglechen, zum Beispill duerch d'Vereinfachung vun administrative Prozeduren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten